


# Hackathon Open Data x ‘{“Lang”：“lb”}’ 08. - 09.06.2023



# Hackathon Open Data x ‘{“lang”:”lb”}’

Dësen Evenement, organiséiert vum GovTech Lab an Zesummenaarbecht mam Service Information et Presse (SIP) a mam Zenter fir d’Lëtzebuenger Sprooch (ZLS), ass e kollaborativen Hackathon, deen iwwer zwee Deeg ofgehalé gëtt.



D’Zil vum Hackathon, dee ganz am Zeeche vun der multidisziplinärer Zesummenaarbecht steet, ass d’Fërderung vun Iddie fir innovativ nei Outilen, déi op de vum ZLS zur Verfügung gestallte linguisteschen Inhalter baséieren an hiren Notzen ervirhiewen. Heifir hunn d’Participanten ënner anerem Accés op déi Donnéeën, déi am Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD) ze fanne si respektiv am Kader vum Projet schreifmaschinn.lu gesammelt goufen.

Den Evenement ass op fir all Mënsch mat engem Interessi un Open Data an allem, wat mat der Lëtzebuenger Sprooch ze dinn huet. Zu de méigleche Profiller gehéieren ënner anerem Persounen aus de Beräicher Data Science, Softwareentwécklung, UX-Design, Projetsleedung, Business Analytics, Fuerschung, Datejournalismus asw.

Umelle kann ee sech eenzel oder a Gruppe vu 4 bis 6 Leit. Eenzelpersounen hunn d’Méiglechkeet, sech enger besteeënder Ekipp unzeschléissen oder eng eegen ze grënnen.

D’Zuel vun de Participanten ass limitéiert, dofir zéckt net, lech esou séier wéi méiglech unzemellen!

# Dagesoflaf

## // 1. DAG

**9:00 - 09:30:** Empfang vun de Participanten (Kaffi inkl. Croissant an Umeldung)


**9:30 - 10:00:** Detailer zum Hackathon, Hausuerdnung a Bilde vun Ekippen

**10:00 - 10:30:** Presentatioun vun den Datesätz a Froeronn

**10:30 - 13:00:** Hacking

**13:00 - 14:00:** Mëttegiessen

**14:00 - 23:00:** Hacking (Owesiiessen abegraff géint 19:30)



## Aschreiwung

D'Participatioun ass gratis, fëllt wgl. [dëse Formulaire](#) aus, fir lech anzeschreiwen.

Datum: **8. bis 9. Juni 2023**

Plaz: **GovTech Lab**  
560 Rue de Neudorf  
2220 Luxembourg



## // 2. DAG

**8:00 - 09:00:** Empfang (Kaffi inkl. Croissant)

**9:00 - 13:00:** Hacking

**13:00 - 14:00:** Mëttegiessen

**14:00 - 16:00:** Hacking a Preparatioun vu Pitchen

**16:00 - 17:00:** Presentatioun vu Pitchen

**17:00 - 19:00:** Networking a Patt